



N°218
Entrée le 22.01.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.01.2024

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/01/2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesches fir Sozialversécherung weiderzeleeden.

Am Background vum 20ten Januar 2024 huet eng Assistane sociale erkläert, dass d'Sessiounen beim Psychotherapeut net kënnen iwwert den Tiers payant social bezuelt ginn. An der Äntwert op d'Fro 7746 huet den Sozialversécherungsminister erkläert:

"Op de Joren 2018 bis 2022 hunn pro Joer ongeféier 0,6% vun allen Krankeversécherter op den TPS zeréckgegraff. D'Majoritéit vun de Leeschtungen déi iwwert den TPS bezuelt gi sinn, betrëfft Behandlungen vu Generalisten a Spezialisten."

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesches dës Froe stellen:

1. Stëmmt et, dass ee Patient bei de Sessiounen beim Psychotherapeut, déi elo vun der CNS rembourséiert ginn, net ka vum Tiers payant social Gebrauch maachen?
2. Falls jo, firwat ass dat esou a plangt d'Ministesches hei séier z'intervenéieren, fir nozebesseren?
3. Falls nee, mengt d'Ministesches net, dass et wichteg wier, hei eng Circulaire un déi betrafte Psychotherapeuten ze schécken, fir si iwwert den Tiers payant social opzeklären?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten



www.piraten.lu